Heemmatcher Merci d'avance fir Anhalen vun allen Mesuren

Wéinst dem Covid sin dës Saison och bei eis an der Hal « um Ewent » d'Plazen fir d'Supporteren limitéiert, a folgend Regelen gin et bei dem AB Contern sengen Heemmätcher:

1) Et si separat Weeër fir d'Entrée an d'Sortie gezeechent; Spenderen fir d'Hänn ze desinfizéiren sin do installéiert !

2) Mir maachen keen Virverkaaf vun Ticketen.

3) eis Abonnenten kënnen op Nofro hinn an nodeems se bezuelt hun eng numeréiert Plaz reservéiert kréien, dei fir d'ganz Saison gëllt

4) Eis lizenséiert Spiller an Offizieller, eis Abonnementer, d'Invitéeen (och d'Presse an d'Nationaltraineren) an och all Kanner ënner 16 Joer, kréien an der Keess e Sëtz ugewisen an e gratis Entreesticket, dh jiddereen muss an der Keess passéieren !

5) Tracing : beim Ausgang vum Keeseberaïch laït eng Lëscht wou jiddereen soll saïn Numm, seng Telefonsnummer, seng e-mail Adresse a seng Sëtzplaznummer androen

6) An der Oweskeess können d'Visiteuren hir Ticketen normal kaafen, bis all Plazen voll besat sin.
   Fir eis Visiteurs Supporteren hun mir d'Sëtzer ganz Rechts d.h. d'Plazen mat der Nummer 1 bis 119 réservéiert, an och déi rechts Tribüne de face vis-à-vis. (+/- 65 Plazen)
   Dei Plazen/Reihen déi solle fraï bleiwen sin entspriechend gezeechent. Leit aus dem selwechten Haushalt können beienéen sëtzen, di aner sollen sech w.e.g un déi allgemeng geltend Covid Regelen halen an 2 Sëtzer Ofstand loossen

7) Buvette: eis Buvette funktionéiert so weit normal, allerdings sollen - wei an den Horeca Regelen virgesin - Consommatiounen nëmmen am Sëtzen consomméiert gin, si därfen och net mat op d'Tribünen geholl gin.
   Dofir hun mir nach eng Partie Dëscher a Still bei den Tribünen baïgestallt, an och hannert der Buvette am Bistro kann éen sech setzen.

8) Maskeflicht : Wann een sech an der Haal bewegt (fir eran an eraus, fir an d'Buvette oder op d'Toilette,…) ass Maskeflicht. A wann een den Ofstand op der Tribüne net kann anhalen, ass och Maskeflicht.

! Den AB Contern seet iech Merci fir äre Besuch a fir ärt Versteesdemech !